Lëtzebuerger Club Roude Léiw

# 20 Joer Lëtzebuerger Club Roude Léiw


Dat wëlle mir mat Iech feieren de

**6. Abrëll 2025**

**10.45 Auer**

Hotel Montana

Luzern, Adligenswilerstrasse 22



**Programm**

- Generalversammlung
- Aperitif
- Gemittlecht Mëttegiessen
- De Georges Urwald a Carlo Migy verwinnen eis mat de schéinste Lidder vum Dicks



Jubiläën soll ee richteg feieren!
Mat dem Duo Georges Urwald an Carlo Migy kënne mir dat garantéiert. Iech nach beschtens bekannt vun de Cojellico's Jangen, ënnerhalen sie eis mat Auszich aus hirem aktuelle Programm vum Edmond de la Fontaine, alias Dicks (1823-1891).
Deem bekannte lëtzebuerger Komponist, Schrëftsteller an Dramatiker séng schéinste Lidder dierfe mir haut genéissen!
Freet Iech op schéin musikalësch Erënnerungen aus Lëtzebuerg.

Härzleche Merci deenen zwee léiwe Kënschtler, déi e wäite Wee op sech geholl hunn an haut extra fir eis optrieden!

| | |
|---|---|
| Präis fir Memberen | CHF 100.- |
| Präis fir Gäscht | CHF 130.- |
| Präis fir Kanner | CHF 30.- |

Am Präis abegraff sinn: Aperitif, Iessen a Gedrénks, Kaffi a natierlech de Carlo an de Georges.
Fir e vegetarëschen oder e Kanner Menu mellt Iech w.e.g. beim Ginette:
ginette.ruedy@outlook.com oder 044 850 40 37
Mat Ärer Iwwerweisung bis den **28.3.2025** sidd Dir definitiv ugemellt.
Bei kuerzfristeger Ofso no 48 Stonne virum Event oder feelen trotz Umeldung, kënne mir leider näischt zréck bezuelen. Merci fir Ärt Verständnes.

Wéi Dir dohinner kommt

| | |
|---|---|
| Mat ÖV | Vun der Gare mam Bus Nummer 6, 8, 24 bis Palace Casino. Wonnerschéin ass och de Wee zu Fouss laanscht de Vierwaldstätterséi bis bei de Casino. |
| Mam Auto | Parking Casino Palace |

Egal wéi eng Variant Dir wielt, zu gudder Lescht huelt Dir d'Standseelbunn vum Hotel Montana a fuert op de 6. Stack. Et voilà, Dir sidd do!

Iwwregens kann een och e schéine weekend zu Luzern verbréngen!

**Mir vum Comité freeën eis op Iech!**

Reservéiert Iech schon haut den 28.9.2025 zu Romanshorn.